# Den Ady Claude an den Dominique Dondelinger sën nët vergeess

## Erënnerungsfeier op hirem 50. Doudesdag zu Déifferdéng

Op den Dag genee 50 Joer nodeem si hiert Liewen zu Köln-Klingelpütz fir d'Heemecht a fir d'Fräiheet hiergin hun, as e Mëttwoch den owend am Rumm vun enger einfacher, awer ganz ergräifender Feier virum Haus Nummer 134 an der Dicks-Lentz-Strooss zu Déifferdéng un di zwee Patrioten Ady Claude an Dominique Dondelinger erënnert gin.

Deelgeholl hu Mêmbere vun deenen zwou Famillen, di dräi Scheffe vun der Gemeng Déifferdéng, de Scheffe Gust. Klein aus der Gemeng Suessem, de Gemengekonsellje Erny Evrard vun Déifferdéng, de Paschtouer Marcel Groff, ganz vill Vertrieder vu Resistenzlerorganisatiounen, vu patriotesche Vereenegungen a vu Sektioune vun den „Enrôlés de Force", stark Delegatioune vun Déifferdénger Veräiner, besonnesch d'Pompjéen ënner Leedung vom Ënnerkommandant Johny Schmit, d'Pompjée vun Zolver, de Max Lammang, President vun der Uewerkuerer Entente, fréier Frënn a Bekannter vun denen zwee Higeriichter an d'Polizei vun Déifferdéng fir den Uerdnungsdéngscht.

Organiséiert gi war d'Feier vun de „Lëtzebuerger Politesch Flüchtlingen" (LPF) ënnert der Presidentschaft vum Nicolas Kremer a vun der „Amicale des anciens de la résistance de Differdange et des environs" (ARDE) hannert hirer Presidentin Mady Nurenberg-Reuter.

Just ënnert der Erënnerungsplak mat der Opschrëft „A la mémoire de notre héros national Ady Claude décapité à Cologne le 12 février 1942" war en Dësch mat deenen zwou Fotoe vum Ady Claude a vum Dominique Dondelinger opgestallt, virun deenen d'Scheffe vun der Gemeng Déifferdéng, de Scheffe vun der Gemeng Suessem an och d'Mady Nurenberg-Reuter an de Nicolas Kremer rout, wäiss a blo Blumen néiergesat hun; eppes mi spéit sën dann och 50 Kärzen als Erënnerung un di 50 Joer vu Leit, di do waren, ugefang gin, iwerdeems de Clairon d'Honneur de la Résistance Johny Schmidt d'Sonnerie aux Morts, d'Heemecht an de Chant des Partisans gespillt huet.



*Virun de Biller vun deenen zwee Patrioten Ady Claude (lénks) an Dominique Lang hu Käerze gebrannt*



*Vill Leit waren op der Erënnerongsfeier*

De President Nicolas Kremer huet d'Feier an hiren historeschen an aktuelle Kontext gesat: Erënnerung an Zeréckweisung vun där neier Entwécklung vun Neonazismus, „Wonnen aus där béiser Zäit kënnen zwar verheelen, awer d'Läinzeeche bleiwen a sollen och weider bestoe fir de Generatiounen no eis als Avertissemeent ze déngen", sou sot e wuertwiertlech. Erënnert huet hien dann un di Zäite vu Schikanen an Ënnerdréckung, vun Terror a Gewaltherrschaft. Noeneen as en d'Etappe vum Ady Claude a vum Dominique Dondelinger hirem Liewen durechgangen, hir Verurteelung viru Geriicht, d'Doudesstrof, hir grausam Behandlung am Prisong, hir Folterung, hir lescht Breiwer un hir Familien um Virowend vun hirer Hiriichtung kurz no 5 Auer op deem 12. Februar 1942, hire Wonsch, deen een zu Zolver, deen aneren zu Déifferdéng begruewen ze gin, dee Wonsch, deen hinnen awer versot bliwen as, d'Ëmsiedlung vun der Famill.

Zulescht huet en alle merci gesot, di bei dëser Feier derbäi waren, ir d'Leit an d'Déifferdénger Parkierch gange sën, wou an enger Mass un di zwee Patrioten erënnert gin as.

z.r.